Motioun Atommüll-Stockage

Fir déi gréng ass dësen Dossier natierlech extrem wichteg. An enger Zäit wou op erneierbar a propper Energien gesat gëtt, ass et erstaunlech, dass de Plang vun eisen Noperen, deen déi zukünfteg Politik iwwert de Stockage géologique vun Atommüll fest soll halen, ouni richtegen Debat soll iwwerholl ginn.

An der Etüd , déi an der Consultatioun publique ass gëtt net objektiv iwwert aner méiglech Solutiounen diskutéiert, mee de geologeschen Stockage gëtt als eenzeg Solutioun opgelëscht, obwuel dës Solutioun e permanente Charakter huet an net méi reversibel ass. D'Hoffnung bleift, dass an noer Zukunft aner Solutioun kéinten fonnt ginn, déi méi sécher, respektiv reversibel wieren, sou dass net Generatiounen no eis nach belaascht sinn.

Doriwwer eraus ass et sécherlech och net sënnvoll sou e wichtegen Dossier a Covidzäiten, ouni Verlängerung vun den Delaien, wéi dat an aneren Dossieren de Fall ass, duerchzeboxen.

Obwuel mir als Noperen direkt impaktéiert kéinte sinn, si mir am Virfeld net an Diskussioune iwwert déi Richtung, déi lo vun der Politik festgeluecht soll ginn, mat agebonne ginn, an dëst obwuel de geologesche Stockage vun Atommüll eventuell virun eiser Dier kéint stattfannen. Et ass eiser Meenung no och schwéier sou eng Decisioun ze huelen, wann net all Detailer bekannt sinn, dat heescht wann nach keng definitiv Siten festgehale sinn. Üblecherweis kuckt ee fir d'éischt op eng Ëmsetzung iwwerhaapt machbar ass, also ob e Site do ass wou sou e Stockage kéint ouni negativ Konsequenzen stattfannen, ier eng Decisioun iwwert de Prinzip geholl gëtt.

Laut verschiddenen Kaarten géifen zwee vun de potentielle Siten, déi di richteg geologesch Formatiounen virweisen, direkt un eis Landesgrenzen stoussen.

Eng Zone am Norden wier am direkten Anzuchsgebitt vum Stau, wou 2/3 vum Lëtzebuerger Drénkwaasser hier kënnt.

Eng zweet Zone, hei ënnen un der Grenz, kéint Käerjeng och direkt impaktéieren. (well do Aquiferen bestinn déi sech vu Virton bis hin op Monnerech a deelweis Leideleng zéien. Do besteet also de Problem vun enger Diffusioun vun enger eventueller Pollutioun bis an eis Géigenden.)(et weess een et jo net)

Mir empfannen et als wichteg, als direkt betraffen Bierger aus der Gemeng Käerjeng, eis Bedenken an der Consultatioun publique geltend ze maachen, an der Hoffnung, dass e richtegen Dialog am Virfeld stattfënnt, wou all Solutioune duerchdiskutéiert ginn.

Den Text an der Motioun déi proposéiert ass, geet eis deementspriechend net weit genuch.

Sou si mir eis an der Majoritéit eens ginn, dass mer op eng Virlag vum Syvicol waarden, op Basis vun där mir wéilten weiderschaffen fir eis Bedenken kënnen anzereechen.